LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**REÇU**
Par Alff Christian , 12:45, 01/04/2020

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 01 AVR. 2020

**Objet : Question parlementaire n° 1965 du 2 mars 2020 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER au sujet de la reconnaissance de certaines formations pour les carrières de la Police grand-ducale**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

François BAUSCH


Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure François BAUSCH à la question parlementaire n°1965 du 2 mars 2020 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER au sujet de la reconnaissance de certaines formations pour les carrières de la Police grand-ducale**

**Ad Froen 1) an 2):**

Enn lescht Joer huet ee fréiere Beamte vun der Police, dee säit dem Joer 2016 bei d'Inspection générale de la Police (IGP) detachéiert war a lo do affektéiert ass, un de Generaldirekter vun der Police geschriwwen, well verschidde Formatiounen net op senger "Fiche individuelle de formation" opgeléscht wieren. An deem Kontext huet hien verschidde Formatiounen erwäänt, déi hien an der Gendarmerie gemaach hätt, an déi net op där Fiche géife figuréieren.

D'Fiche individuelle de formation gëtt opgestallt op Basis vun den Donnéeën, déi an der Datebank SAP-HR agedroe sinn. Andeems bei der Aféierung vun dësem System am Joer 2001 awer net sämtlech Formatiounen déi d'Beamte bis dohinner suivéiert haten, réckwierkend konnten encodéiert ginn, feelen dës Formatiounen haut op dëser Fiche. Et handelt sech dobäi virun allem em "Formations de tir" an "Formations continues" déi vun all Beamte suivéiert gi sinn.

Sämtlech Beamten, déi virum Joer 2000 bei der Gendarmerie oder der fréierer Police ugestallt waren, si vun dëser Situatioun betraff.

**Ad Fro 3)**

Wéi vill aner Beamten aus dem Groupe de traitement C1 vum Cadre policier, konnt dee Beamten aus der IGP, deen Enn lescht Joer reklaméiert hat, dass seng Fiche net komplett wier, den éischte Januar 2020 vun engem Wiessel an de Groupe de traitement B1 profitéieren iwwer de Mechanismus vun der Voie expresse, deen am Artikel 30 vum Gesetz vum 18. Juli 2018 iwwer d'Inspection générale de la Police virgesinn ass, respektiv am Artikel 94 vum Gesetz vum 18. Juli 2018 iwwer d'Police grand-ducale.

Domadder konnt hien, wéi aner Beamten och, vum Grad F7 an de Grad F8 wiesselen, an dono ass all Joer een weidert Avancement méiglech.

Wat souwuel den Accès an den Niveau supérieur (grade F10) ubelaangt, wéi och d'Promotioun an den leschten Grade (Grade F12), gesäit den Artikel 14 (1ter) vum Gesetz vum 25. Mäerz 2015 iwwer d'Traitementer an d'Avancementer bei de Staatsbeamte fir datt een mindestens 12 Deeg respektiv 30 Deeg Formation continue muss gemaach hunn.

Bei den allermeeschte Beamten dierft dëst kee Problem duerstellen.

Adresse postale : B.P. 219 L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux : 4, Place de l'Europe L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

Souguer wann beim Wiessel an de leschte Grad keng 30 Deeg Formation continue dokumentéiert wieren, kënnen déi Beamten déi iwwert 50 Joer aal sin een entspriechenden Supplément personnel de traitement zougestane kréien opgrond vun den Artikelen 28 (6) an 51 (5) vum Traitementsgesetz.

**Ad Fro 4)**

Andeems een Opschaffen vun den Donnéeën, déi iwwer 20 Joer zréck leien, mat engem net justifizéierbaren Aarbechtsopwand verbonne wier, wier et all Beamten unzeroden, seng eege Situatioun selwer ze iwwerpréiwen an ze dokumetéieren. Wann et dann nach néideg sollt sinn, wier et méiglech op de Wee vun enger Dispens ze goen, sou wéi se am Artikel 14 (1ter) vum Traitementsgesetz virgesinn ass.

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu